LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité

**Äntwert vun der Delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n° 3277 vum 1. Dezember 2025 vum honorabelen Deputéierten Ricardo MARQUES.**

1. **Wéi schätzt d'Regierung d'Problematik an, datt Kanner a Jugendlecher zu Lëtzebuerg haut relativ einfach op fräi zougänglech Pornoplattformen zougräife kënnen?**

De Schutz vu Kanner a Jugendlechen am Internet ass eng Prioritéit fir d'Regierung. D'Zil ass et, e séchert a virun allem och altersgerecht Ëmfeld ze schafen, an deem Kanner a Jugendlecher duerchaus Chancen a Virdeeler vum Internet kënnen notzen – ouni de Risiken duerch schiedlech Inhalter ausgesat ze sinn.

Fir dëse Schutz ze stäerken, gouf am Summer 2025 en interministeriellen Aarbechtsgrupp gegrënnt, deen sech besonnesch mat den Themen vun der digitaler Majoritéit an der Altersverifikatioun am Internet beschäftegt. Dës Initiativ ënnersträicht de politesche Wëllen, d'Fro vun der Altersverifikatioun transversal unzegoen an op nationalem Niveau ofgestëmmten a kohärent Léisungen auszeschaffen.

Et sief ënnerstrach, datt et och haut schonn eng Rei gesetzlech Bestëmmungen gëtt, fir Kanner a Jugendlecher – mee och allgemeng d'Ëffentlechkeet – viru bestëmmten Online-Inhalter ze schützen. Sou sinn d'Ubidder vu Pornoplattformen, laut dem Gesetz iwwer audiovisuell Medien[1], verflicht, appropriéiert Moossnamen ze ergräifen, fir den Zougang zu hire Sitten op Erwuessener ze limitéieren. D'Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel ("ALIA") ass zoustänneg fir dëst ze kontrolléieren. D'ALIA huet am August 2025 beispillsweis eng Geldstrof géint e Fournisseur wéinst engem Verstouss an dësem Beräich ausgeschwat.[2]

Och de Projet de loi 8625 iwwer d'Medien hält dës Obligatioune bäi, präziséiert a verstäerkt se nach, a gëtt der ALIA d'Missioun, Richtlinne fir Altersverifikatiounssystemer auszeschaffen. D'Sanktiounen, déi d'ALIA kann ausschwätzen, sollen och vun 25.000 op 250.000 Euro erhéicht ginn.

Zousätzlech verpflicht d'EU-Reglement, den "Digital Services Act" (DSA) [3], d'Ubidder vun Online-Plattformen, Moossnamen ze huelen, fir den Dateschutz, d'Sécherheet an de Schutz vu Kanner a Jugendlecher op hire Servicer ze garantéieren. Bei ganz grousse Pornoplattformen, déi am DSA ënner d'Kompetenz vun der Europäescher Kommissioun falen, huet d'Kommissioun am Mee 2025 och Enquêten am Kontext vun der Altersverifikatioun opgemaach[4].

[1] Loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques.
[2] Décision de l'ALIA du 7 août 2025, réf. DÉCISION DEC024/2025 – A001/2025.
[3] Règlement (UE) 2022/2065 du Parlement européen et du Conseil du 19 octobre 2022 relatif à un marché unique des services numériques et modifiant la directive 2000/31/CE (règlement sur les services numériques).
[4]https://digital-strategy.ec.europa.eu/fr/news/commission-opens-investigations-safeguard-minors-pornographic-content-under-digital-services-act

2. **Ass d'Regierung derfir op, zu Lëtzebuerg eng spezifesch gesetzlech Obligatioun anzeféieren, déi virgesäit, datt Websäite mat enger gewësser Proportioun u pornographeschem Contenu nëmme kënnen aus Lëtzebuerg eran erreechbar sinn, wann eng verifizéiert Alterskontroll fir Benotzer iwwer 18 Joer implementéiert ass?**

D'Regierung engagéiert sech fir eng effikass ëmgesaten Altersbegrenzung fir Online-Inhalter, déi schiedlech fir déi psychesch oder physesch Gesondheet vu Kanner a Jugendleche sinn.

Et ass dofir wichteg nach eng Kéier z'ënnersträichen, datt haut schonns kloer Obligatioune bestinn: d'Ubidder vu Plattformen, op deene pornografesch Inhalter ze fanne sinn, si verantwortlech fir déi néideg Moossnamen ze ergräifen, datt Mannerjäreger keen Accès op dës Inhalter kënne kréien. Dëst gëtt, wéi an der Äntwert op déi éischt Fro beschriwwen, national vun der ALIA kontrolléiert. Dëst fir déi Pornoplattformen, déi hei am Land etabléiert sinn, sou wéi et europäesch de Prinzip vum "pays d'origine" juristesch virgesäit.

Wat doriwwer eraus eng Altersbegrenzung an Alterskontroll op anere Plattformen ugeet – wou dann deelweis och d'Fro vun der digitaler Majoritéit eng Roll spillt, zum Beispill bei enger allgemenger Alterslimitt fir sozial Medien – ënnerstëtzt Lëtzebuerg aktuell eng gemeinsam europäesch Approche. Lëtzebuerg gehéiert dofir zu de Memberstaate vun der Europäescher Unioun, déi den 10. Oktober 2025 d'Jutland-Deklaratioun ënnerschriwwen hunn. Dës Deklaratioun recommandéiert ënner anerem d'Aféierung vun effizienten an dateschutzkonformen Altersverifikatiounsmechanismen op soziale Medien an aneren digitale Servicer, déi e signifikante Risiko fir Kanner a Jugendlecher duerstelle kënnen. Lëtzebuerg ënnerstëtzt och d'Initiativ vun der Europäescher Kommissioun, fir datt en Expertegrupp elo Recommandatioune fir eng gemeinsam europäesch Approche an dësem Beräich ausschafft. D'Regierung ass ganz kloer der Meenung, datt Altersverifikatioun an Altersbegrenzung op soziale Medien wierksam kënne sinn, wann se duerch eng harmoniséiert europäesch Approche ëmgesat ginn. An deem Sënn ass et d'Präferenz vun der Regierung, datt eng problematesch Fragmentéierung, falls méiglech, an der EU hei evitéiert gëtt an dës Reegelen dono an allen EU-Memberstaate gëllen. Sollt op europäeschem Niveau awer keng konkret Léisung ëmgesat ginn, kënnt eng national Reegelung a Betruecht.

3. **Wéi steet d'Regierung zu der vun Aylo proposéierter "device-based" Altersverifikatioun, wou den Alter iwwer de Betribssystem eemol verifizéiert gëtt an duerno iwwer eng sécher API un d'Websäiten iwwermëttelt gëtt?**

D'Regierung verfollegt aktuell eng technologie-oppen Approche bei der Altersverifikatioun, mat enger harmoniséierter europäescher Approche als kloer Prioritéit.

Zousätzlech ass d'ALIA zoustänneg fir ze evaluéieren, ob d'Moossnamen, déi d'Ubidder vu Plattformen huelen, d'Obligatiounen am Beräich vum Jugendschutz och tatsächlech erfëllen.

Lëtzebuerg, den 5. Januar 2026

Déi Delegéiert Ministesch beim Premierminister
fir Medien a Connectivitéit

(s.) Elisabeth MARGUE